ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

De „Centre de rétention" zu Lëtzebuerg ass dacks an der Kritik. Hei sëtzen, verschiddene Presseartikelen a besonnesch engem Artikel vu Reporter vu Mäerz 2020 no, dacks Leit ouni Pobeieren oder deenen hir Asyl-Demande ofgewise gouf laang Zäit fir op hir Abschiebung ze waarden. Fir mir e Bild vun der aktueller Situatioun ze maachen, hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi vill Leit sëtzen zur Zäit am „Centre de rétention"an op wéi vill Leit maximal ass déi Struktur ausgeluecht?
2. Wéi vill Leit sëtze méi wéi sechs Méint am Centre de rétention a wéi laang sinn déi Zäitraim? Sinn déi ëmmer konform zum Maximalopenthalt am Gesetz?
3. Wéi vill Persounen an Abschiebehaft haten net nëmme keng Pobeieren oder en negativen Asyl-Bescheed, mee waren hei am Land och an enger anerer Form strooffälleg ginn?
4. Wéi vill Persoune sëtzen am „Centre de rétention", well hir Hierkonftslänner si net méi zeréckwëllen?
5. Wat fir Länner belaaschten de „Centre de rétention" am meeschten, duerch hir Haltung géintiwwer hiren eegene Bierger?
6. Wat fir formell diplomatesch Démarchen huet Lëtzebuerg ënnerholl fir d'negativ Haltung vun dëse Länner ze beaflossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten